BANDE DESSINÉE

GESCHICHT

„Aarmséilege Bauerenopstand“

Renée Wagener

An der BD „Här a Meeschter“, déi 2024 erauskomm ass, betruecht de Marc Angel d'Geschicht vum Klëppelkrich aus der Vue vun deenen, déi dobäi Fiedere gelooss hunn, a setzt se uspriechend an Zeen.

De Klëppelkrich ass ëmmer nach net eriwwer – zumindest net an der Lëtzebuerger Literatur. Dat rezentste Beispill dofir ass den Zeecheband vum Marc Angel, dee virun e puer Méint erauskomm ass. Datt de Bauerenopstand aus der Zäit vun der republikanescher franséischer Herrschaft bis haut nach Stoff bitt fir Theaterstécker, Commemoratiounen, geschichtlech Wierker an elo souguer eng BD, ass net verwonnerlech. D'Geschicht geet jo ëm e Kampf tëscht David a Goliath, ëm kéng Männer an ëm d'Rettung vum kathoulesche Glawen op dem Territoire vum haitege Lëtzebuerg.

Eng ëmstridde Geschicht

Wéi am Krich tëscht dem republikanesche Frankräich an Éisträich d'Festung Lëtzebuerg 1795 gefall ass, gouf dat fréiert Herzogtum an dat revolutionäert Frankräich integréiert. An deene knapps 20 Joer, wou d'Republik an dëser Géigend d'Soen hat, gouf d'Bevëlkerung mat radikal neien Iddie konfrontéiert, déi den Alldag op d'Kopp gestallt hunn. Amplaz vu monarcheschen Herrscher*inne gouf et elo eng revolutionär Regierung an eng „Assemblée nationale“, déi Gesetzer gestëmmt huet. Déi huet sech un de Prinzippie vu Fräiheet a Gläichheet orientéiert, zumindest um Pabeier. An si huet versicht, géint d'Allmuecht vun der kathoulescher Kierch virzegoen. Dobäi huet se net nëmme probéiert, déi chrëschtlech Fester duerch revolutionärer ze ersetzen oder en neie Kalenner anzeféieren, mee se huet och der Kierch hir Proprietéite konfiszéiert. D'Paschtéier hu missten en Haass-Eed ofleeën.

Dat goung alles nach esou laang gutt, wéi déi kleng Leit keen Nodeel dovunner haten. Wéi de franséische Regime awer d'Conscriptioun annoncéiert huet an hir jonk Männer sollten an d'Arméi geschéckt ginn, wor et mam Fridden eriwwer. A Flanderen an duerno an de belschen Ardennen, an der Eifel an am Éislek hunn d'Bauere sech zesummegedoen: Si sinn an d'Mairien agedrongen an hunn do d'Consriptiounslëschte verbrannt, si hu franséisch Fräiheetsbeem zerstéiert a franséisch Gendaarmen attackéiert. Enn Oktober 1798 koum et zu engem richtegen Opstand, an d'Baueren hu sech de franséischen Truppen, déi sollte fir Rou suergen, entgéintgestallt. Datt dat kéint guttgoen, wor eigentlech eng zimmlech kéng Iddi, an déi historesch Dokumenter deiten un, datt eng Rei fervent Paschtéier d'Baueren zu där Revolt ugestëppelt hunn. Natierlech gi se vun där iwwermächteger franséischer Arméi ganz schnell op d'Plaz gewisen. Eng ganz Rei Bauere gi festgeholl an 30 hu missen de Kapp ënner d'Guillotine halen.

Dat ass d'Geschicht, sou wéi se mëttlerweil och an de Geschichtsbicher steet. Zënter der Mëtt vum 19. Joerhonnert ass de Klëppelkrich awer och als ee vun den éischte Momenter interpretéiert ginn, wou sech dat Lëtzebuerger Nationalgefill oder zumindest e „Sonderbewusstsein“ gewisen hätt. Fir där Behaaptung méi Gewiicht ze ginn, hunn déi éischt – kathoulesch – Historiker, déi sech mat der Saach beschäftegt hunn, versicht, dee Bauerenopstand, dee virun allem géint d'Aféierung vun der Conscriptioun gaang ass, zu enger chrëschtlech-nationaler Resistenz géint dat gottloost Frankräich héichzestiliséieren. Nom Zweete Weltkrich gouf och nach versicht, dat revolutionäert Frankräich mat Nazi-Däitschland an déi franséisch Commissairë mat der Gestapo ze vergläichen. (1) Eréischt den Historiker Gilbert Trausch huet an den 1960er-Jore versicht, déi nationalistesch a reliounspolitesch Mythen, déi ronderëm de Klëppelkrich gesponne goufen, ze zerstéieren. (2) Et ginn awer och haut nach Leit, déi aus dem Klëppelkrich wëllen eng national Cause maachen an esou probéieren, doraus politescht Kapital ze zéien. (3)

E Kampf mat ongläiche Waffen

De Marc Angel, Grafiker an Illustrator, ass dem treie woxx-Publikum duerch seng grafesch Adaptatioune vu literaresche Wierker, awer och duerch den éischte woxx-Logo aus dem Joer 2000 gutt bekannt. Hien huet och schonn ëfters Bande-dessinéeën zu Geschichtsthemen erausbruecht. Als Grafiker huet hien natierlech eng ganz aner Approche zu deem „aarmséilege Bauerenopstand“, wéi en de Klëppelkrich bezeechent, ewéi déi historesch Fuerschung. A sengem schmuele Band mam Titel „Här a Meeschter“ setzt hien d'Geschicht um Enn vum Klëppelkrich un. De Kampf mat ongläiche Waffen – hei d'Bauere mat Klëppelen a Mëschtgreefer, do gutt ausgebilten Zaldote mat moderne Gewierer – ass schlecht ausgaang, an déi meescht Leit aus dem Duerf versichen, sech nees mat den neien Hären ze arrangéieren. Ee vun de Baueren, de Gaspar, huet sech am Bësch verstoppt, fir de Fransousen net an d'Gräpp ze falen. Hie muss nokucken, wéi de Karel, de Buergermeeschter vum Duerf, dee sech virun de franséischen Herrscher geduckt a seng Komeroden u si verroden hat, sech u seng Freiesch Agatha erumécht a si bestit. Well de Gaspar ze vill weess, wëll de Karel hie mat alle Mëttele verschwannen dinn.

Den Auteur beäntwert a senger Duerstellung awer net nëmmen d'Fro, op him dat gelengt. Hien zeechent och e Bild vun der Duerfgesellschaft a vun de Muechtverhältnisser tëscht de Leit. Mat wéinege Wierder ëmräisst hien de geschichtleche Kontext a mécht däitlech, wéi eng konkret Konsequenzen d'Nidderlag vum Klëppelkrich fir déi eenzel Leit huet a wéi d'Kaarten duerno nei verdeelt ginn. Hien deit och un, wéi wéineg d'Fraen dobäi ze soen hunn.

Wëllef, Kueben a Réi

D'Stäerkt vun „Här a Meeschter“ läit awer virun allem am Marc Angel senger grafescher Präsentatioun vun dësem Après-Klëppelkrich-Drama. Deem säi Kader ass am Fong net d'Duerf, mee de Bësch. D'Kueben an d'Wëllef, déi sech ëm de Kadaver vun engem Réi streiden, kréien hir Stëmm, woubäi de Kueben hire Constat „D'Wëllef sinn zréck“ natierlech en duebele Buedem huet. D'Wëllef, déi fir Uerdnung suergen, dat si wéi an enger Fabel natierlech déi franséisch Hären, an d'Kueben déi, déi mam neie



© OP DER LAY

A senger neier BD iwwert d'Suite vum Klëppelkrich zeechent de Marc Angel e Bild vun der Duerfgesellschaft a vun de Muechtverhältnisser tëscht de Leit.

Ee Gudden, e Béisen a vill Leit, déi sech mam Wand dréinen: de passende Stoff fir eng BD.

© OP DER LAY

BANDE DESSINÉE / AVIS

System eens ginn. An d'Réi, dat sinn déi, déi dobäi schlecht ewechkommen. Mee villäicht spillt den Auteur mat de Wëllef, déi fir Uerdnung suerge wëllen, och op eis haiteg Gesellschaft un. Iwwerhaapt spillt d'Déierewelt eng wichteg Roll an der Geschicht, als Gefährten an heiansdo Komplize vun den Ënnerdréckten. D'Déiere ginn awer och als effektvoll Kuliss fir d'Ausernanersetzung vun de Protagonisten agesat.

Den Zeechestil vum Marc Angel ass sober, an awer zitt en een a säi Bann. Den Auteur setzt nieft vill Schwaarz e puer Faarwe groussflächeg an, virun allem Giel, Orange a besonnesch Blo-Gro, d'Faarf vum Schifer an domadder vum Éislek. Et geléngt him doduerch, eng speziell Stëmmung ze schafen, ob et elo ëm d'Diskussioun tëscht dem Buergermeeschter a senge Geselle geet oder d'Konfrontatioun tëscht hinnen an dem Gaspar am Bësch.

Flott ass och d'Ofwiesslung tëscht klassesche Serië vu Vignetten a ganze Säiten, op deenen den Auteur ouni anengend Casen zeechent. Do setzt hie fir den Hannergrond speziell Zeechen-, Tëppel- an Ofdrocktechniken an, zum Beispill fir d'Gewan oder d'Hecken duerzestellen. Och déi ënnerschiddlech Gréisst a Verdeelung vun de Vignettë gëtt dem Oflaf vun der Geschicht eng staark Dynamik.

Wat trotz där immens uspriechender Ästhetik vun de Biller e bësse schued ass, sinn déi relativ stereotypéiert Duerstellunge vum Held Gaspar, deen als groussen an attraktive Mann (mat deem fir BD-en sou typesche markante Kënn) duergestallt gëtt an dee besser schéisse kann, wéi all déi aner, an dem Béisen, dem Karel, deen als klenge schankegen Onsympath dohirkënnt. Um Deckel vum Buch wierkt de Gaspar scho bal wéi e Westernheld. Och d'Libesgeschicht tëscht dem Gaspar an der Agatha ass e bësse previsibel.

D'Geschicht ass och e bëssen einfach gestréckt a vill ze séier eriwwer. Et wier ee gär nach méi gewuer ginn iwwer dem Gaspar säi Schicksal. Fir Leit, déi an der Lëtzebuerger Geschicht net sou doheem sinn, hätten och e puer méi historesch Fakte weidergehollef. Eng Kritik, déi villäicht éischter dem Verlag gëllt, ass, datt ee guer näischt iwwer den Auteur gewuer gëtt an och net iwwer de Kader, an deem d'BD erauskënnt. Dem Marc Angel säi Wierk ass nämlech den éischte Band vun enger ganzer Serie, déi ënner dem Titel „De Rescht vun der Geschicht" vun der Associatioun „D'Frënn vun der 9. Konscht" an dem Verlag „Op der Lay" lancéiert gouf.

Angel, Marc, Här a Meeschter
(De Rescht vun der Geschicht ...), Op der Lay 2024.
ISBN 978-2-87967-24-74-8.

(1) Trausch, Gilbert, 1798-1942. Deux dates, deux régimes d'occupation. Faut-il les comparer?, in: Les cahiers luxembourgeois 32 (1964) 3, S. 163–173, S. 164.
(2) Trausch, Gilbert, La répression des soulèvements paysans de 1798 dans le département des forêts (aspects et problèmes), Luxembourg 1967.
(3) Scuto, Denis, Les falsificateurs de l'histoire : l'ADR et le „Klëppelkrich", in: Tageblatt (5/6.2.2022), S. 7.

LE FONDS BELVAL

Avis de marché

Procédure : 10 européenne ouverte

Type de marché : travaux

Date limite de remise des plis :
12/02/2025 10:00

Intitulé :
Soumission relative aux travaux de revêtements de sol souple et textile dans l'intérêt de la construction des Archives nationales à Esch-Belval.

Description :
Le marché comprend la réalisation des revêtements de sol souple et textile.

Critères de sélection :
Les conditions de participation sont précisées dans les documents de soumission.

Conditions d'obtention du dossier :
Dossier de soumission à télécharger gratuitement sur le portail des marchés publics (www.pmp.lu).

Réception des plis :
La remise électronique des offres sur le portail des marchés publics (www.pmp.lu) est obligatoire pour cette soumission conformément à la législation et à la réglementation sur les marchés publics avant les date et heure fixées pour l'ouverture.

N° avis complet sur pmp.lu : 2402843

Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

Administration des bâtiments publics

Avis de marché

Procédure : 10 européenne ouverte

Type de marché : Travaux

Date limite de remise des plis :
05/03/2025 10:00

Intitulé :
Travaux de grosoeuvre, de charpente métallique et de charpente de bois à exécuter dans l'intérêt de la construction d'une auberge de jeunesse et structure administrative multifonctionnelle au pôle d'échange multimodal à Ettelbruck.

Description :
Construction d'une auberge de jeunesse et d'une structure administrative multifonctionnelle situées sur une plate-forme recouvrant une gare de bus.

- Installation de chantier avec base de vie, station moyenne tension provisoire, centre de tri déchets et gardiennage
- Travaux de terrassement : env. 6.300 m³
- Béton de qualité divers : env. 3.000 m³
- Armatures : env. 470 t
- Acier charpente métallique : env. 740 t
- Plancher mixte bois-béton armé préfabriqué : env. 3.000 m²
- Poutres en bois lamellé-collé : env. 115 m³
- Poteaux en bois lamellé-collé : env. 66 m³
- Panneaux CLT divers formats : env. 240 unités

La durée des travaux est de 493 jours ouvrables, à débuter le 3e trimestre 2025.
Les travaux sont adjugés à prix unitaires.

Critères de sélection :
Toutes les conditions de participation sont indiquées dans les documents de soumission.

Conditions d'obtention du dossier :
Les documents de soumission peuvent être retirés via le portail des marchés publics (www.pmp.lu).

Réception des plis :
Les offres sont obligatoirement et exclusivement à remettre via le portail des marchés publics avant la date et l'heure fixées pour l'ouverture.

N° avis complet sur pmp.lu : 2500027

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Recrutement auprès de l'Institut national des langues Luxembourg, de l'École nationale pour adultes et des Centres nationaux de formation professionnelle continue

Examens-concours en vue de l'admission au stage pédagogique pour la fonction de formateur d'adultes

Il est porté à la connaissance des intéressés (m/f) que le ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse organisera entre le 15 mars et le 15 juin 2025 des examens-concours pour les fonctions suivantes en vue de l'admission au stage le 1er septembre 2025 :

- **formateur d'adultes en enseignement théorique - groupe de traitement A1 ;**
- **formateur d'adultes en enseignement technique - groupe de traitement A2 ;**
- **formateur d'adultes en enseignement pratique - groupe de traitement B1.**

Les spécialités dans lesquelles un examen-concours sera effectivement organisé seront déterminées ultérieurement.

Inscription le 7 mars 2025 au plus tard.

L'inscription se fait par voie électronique sur le site internet du ministère de la Fonction publique (www.govjobs.lu ; « Examen-concours » à « Enseignement » à « Formateur d'adultes »).

S'y retrouvent également les informations détaillées concernant les formations et les conditions requises pour chaque groupe de traitement.